



# FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DE HANDBALL

association sans but lucratif

F.L.H. ■ 3, route d'Arlon, L-8009 STRASSEN



## Rapport Referees' Commission - 09.11.2023

Present : Courtois, Frieseisen, Geib, Keiffer, Kröpelin, Nesser, Simonelli, Weinzierl

Entschëllegt : Volz, Weber

### 1) **Adoptioun vum Rapport vum 21.09.2023**

### 2) **RefCom vum 05.10.2023:**

*Wéinst verschidden Aussoen an de soziale Medien, déi net am Aklang mat dem Code de conduite stinn, hat d'RefCom de 5. Oktober eng Reunioun mat 2 Arbitter (1 present an 1 entschëllegt).*

*An dem Kontext wëll d'RefCom all Arbitter drop hiweisen, dass si sech sollen zrëckhale mat negative Kommentaren an de soziale Medien, iwwert hier Kollegeen oder d'FLH. Och ass d'FLH am Gaangen d'charte de bonne conduite ze iwwerschaffen, déi fir all Arbitter gëlle wäert.*

### 3) **Austausch WHV/ÖHB:**

*Och fir des Saison steet nees een Austausch mam WHV/ÖHB um Programm. De Patrick Simonelli koordinéiert dat mam Responsabele fir d'Arbitter vum ÖHB.*

### 4) **Austausch Grand-Est:**

*De Grand-Est huet fir all Mount eng online Formatioun virgesinn, wou och d'Arbitter vun der FLH matmaache kënnen. Wat d'Leedung vu Matcher ugeet, ass d'RefCom am gaange mat kucke, wéi een dat richtig gestallte kann.*

### 5) **Stage um FLH Final4:**

*Des Saison ass während dem FLH Final4 nees e Stage mat engem IHF/EHF Formateur fir ALL eis Arbitter geplangt. Dëst Joer kennt d'Jutta Ehrmann-Wolf op Lëtzebuerg. D'Jutta ass Arbitter Chef beim DHB.*

### 6) **C-Cours 2023:**

*Vun de 14 Kandidaten hunn der 8 hire schrëftlechen Test gepackt an d'Besetzungsekip vun der RefCom mécht hiert Bescht fir déi Leit als Arbitter am Championnat anzesetzen. Leider ass dat heiansdo schwéier, well déi respektiv Kandidaten nach selwer spillen (oft souguer an 2 Ekippen), an si esou leider net oft disponibel sinn.*

*Déi aner 6 kruten nach e leschte Rappell (date limite 25.11.2023) ier si eventuell vun der Lëscht gestrach an déi betrafte Veräiner informéiert ginn.*



Tél : +352 48 54 74 • mail@flh.lu • www.flh.lu • www.flh-live.lu  
CCPL LU24 1111 0119 5625 0000 • BIL LU90 0024 1008 3380 0000

**LU EMBOURG**  
LET'S MAKE IT HAPPEN





# FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DE HANDBALL

association sans but lucratif

F.L.H. ■ 3, route d'Arlon, L-8009 STRASSEN



## 7) **Demission Frieden:**

*De Georges Frieden muss aus zäitleche Grënn säi Posten an der RefCom opginn. Hie wäert sech an Zukunft awer nach ëmmer ëm d'Rechnunge vun der AXA-League bekëmmern. D'RefCom seet dem Georges MERCI fir säin Asaz an der RefCom, mee och dass hien d'Aarbecht nach weiderféiert.*

## 8) **Praktesch Examen A an C-Schäiner:**

*D'RefCom plangt déi verschidde praktesch Examen, déi nach fir den A respektiv C-Schäin opstinn, des Saison all iwwert d'Bün ze kréien. Den een oder aneren Exame ass scho geplangt.*

## 9) **Weiderbildung 2024:**

*Och fir d'Joer 2024 ass de Philippe Linster nees gewëllt a bereed e puer interessant Courren virzebereeden. D'Detailer ginn nach publizéiert.*

## 10) **Cours Delegué:**

*De Cours fir Delegué ass elo op Samschdes den 9. Dezember festgeluecht ginn. Déi genee Auerzäite ginn nach fixéiert, an d'Kandidate kréien déi matgedeelt. Wann nach interesséiert Leit do sinn, solle si sech w.e.g. iwwer refcom@flh.lu umellen.*

## 11) **LASEL 2023**

*Dëst Joer sinn nees 4 Arbitter den 23.11 an 07.12 am Asaz fir d'Schoulchampionat vun der LASEL ze päifen.*

## 12) **Amicale des Arbitres:**

*D'Amicale vun den Arbitter schafft scho gutt, an si sinn am Plange vun diversen Aktivitéiten. D'Detailer komme méi spéit.*

**Nächst RefCom Dëschdes den 19. Dezember 2023 um 18h30 zu Stroossen.**



Tél : +352 48 54 74 • mail@flh.lu • www.flh.lu • www.flh-live.lu  
CCPL LU24 1111 0119 5625 0000 • BIL LU90 0024 1008 3380 0000

**LU LUXEMBOURG**  
LET'S MAKE IT HAPPEN

